



Association des Biologistes
Luxembourgeois

invitéiert op seng

Assemblée Générale

en **Dënschden**, den **27. Abrëll 2021** um **18.30 Auer**

via Visiokonferenz

Léif Membere vun der ABIOL,

déi aktuell Pandemie weist engersäits d'Verletzbarkeet vun der Mënschheet virun deem nëmmen e puer zeg Nanometer grouse Virus SARS-CoV 2 an anerersäits di ongenügend Kenntnisser vu wäiten Deeler vun eiser Gesellschaft wat d'Originnen, d'Iwwerdroungsméiglechkeet an déi grondleeënd Mechanisme vun der Immunofwier vum mënschleche Kierper sinn. Den Alldag weist am Abléck wéi wichteg Opklärung an Educatioun vu biologeschen Themen och an enger héich entwéckelter an digitaler Gesellschaft sinn a wäerte bleiwen!

Andeems de Mënsch ëmmer méi a natierlech Liewensraim agräift, d'ekologescht Gläichgewicht stéiert, an op Massendéierenhaltung a Pelzfarme setzt, wäert de Risiko fir Zoonose weider an d'Luucht goen.

Weinst all dëse Grënn ass et wichteg, eis Missioun als ABIOL eescht ze huelen a fir eis gemeinsam Wäerter an Interête weiderhin anzetrieden.

Statuten-Ännerung:

Mir liewen awer och an enger Welt déi ëmmer méi schnell ännert, dëst ass de Grond firwat de Comité vun der ABIOL, no eiser Diskussiounsronn anlässlich der AG 2020 esouwéi no de Resultater vun eiser Emfro hin, wëll sengen Memberen eng Rei Ännerungen an de Statute vun der ABIOL proposéieren.

Engersäits huet sech d'Universitëtsspektrum an de leschten 2-3 Joerzénge komplett verännert an et gëtt mëttlerweil vill interessant Studien- a Berufsberäicher ronderëm de „*klässeschen*“ Biolog. Dëst huet eis derzou geféiert ze proposéieren, eis Vereenegung méi **opzemaache fir Studierrichtungen**, déi mer als „*Life Sciences*“ oder „*Sciences de la vie*“ bezeechen. De Numm vun der ABIOL bléift awer weiderhi bestoen. Eis Iddi ass weiderhin, och schonns **Studenten aus dem Beräich „Life Sciences“ als Memberen** kënnen opzehuelen, fir se esou méiglechst fréi un d'ABIOL ze bannen.

Da wëlle mer d'Ziler vun der ABIOL ëm de **Schutz vun der Natur an der natierlecher Ëmwelt esou wéi der Educatioun zur Nohaltegkeet** erweideren.

Weiderhi wëlle mer eis **Cotisatioun op 15.- €** d'Joer **upassen**, fir esou méi Projet'en an Aktiounen kënnen z'ënnerstëtzen (esou droe mer z.B. aktuell all Joer 500.- € fir d'Förderung vu jonken Naturwëssenschaftler bei der Naturwëssenschaftsolympiade bäi ...)

An zu gudder Lescht soll bei enger Opléisung (...net dass mer dëst wëlles hätten!), eise Patrimoine och enger **Associatioun, déi am Beräich „de l'environnement naturel“** engagéiert ass erweidert ginn, dëst - menge mer - mécht Sënn.

Mir hoffen, dass dir dës Propositionen matdroe kënnt. Dofir wäert um Uschloss vun eiser AG, direkt eng **Assemblée générale extraordinaire** stattfannen, wou dës Proposen diskutéiert an da mat einfacher Majoritéit decidéiert kënne ginn. Déi nei Propositionen sinn am Text (ugespéngelt!) faarweg markéiert.

Wann dir awer Objektivungen zu dësen Ännerungen hätt, oder weider Ureegungen, da reecht des w.e.g. bis spëtstens 3 Deeg virun der AG digital oder schrëftlech un d'Sekretariat vun der ABIOL (secretariat@abiol.lu) eran.

Fir de Comité
Jacques PIR

Umëllung fir d'Assemblée générale ordinaire an extraordinaire :

Aus sanitäre Grënn hale mer eis AG dëst Joer **online iwwer Zoom** of.

Déi interesséiert Membere musse sech virum 26. Abrëll 2021 iwwer Mail secretariat@abiol.lu umëllen a kréien dann e puer Stonnen virun der AG den Zougangscode per Mail geschéckt.

Wëll mer iwwert d'Ännerungen vun eisen Statuten decidéieren, ass eng Umeldung (leider)absolut noutwendeg !

An der Virfreed an der Hoffnung eis 2022 rëm all zesummen ronderëm engem gemittleche Patt am Musée ze gesinn.

COTISATIOUN 2021 !

Denkt w.e.g. och drun, är **Cotisatioun fir d'Joer 2021** vun **10.- €** op den **CCPL LU87 1111 0446 6242 0000** vun der ABIOL asbl ze iwwerweisen.
Merci !

Dir kënnt och gären en Ordre permanent maachen.

D'ABIOL huet decidéiert keng Pabeiersmemberskaart méi auszustellen, well den Opwand dofir grouss an den Notzen éischer kleng ass. Denkt och weg drunn, wann der plënnert, eis Äer nei Adress unzeginn.

Assemblée générale 2021

Léif Memberen,

D'ABIOL zielt den Ament baal 250 BiologInnen als Memberen. Heimat wëlle mer Iech häerzlech op eis Assemblée Générale fir 2021 invitieren.

Ordre du jour vun der Assemblée générale ordinaire :

1. *Rapport vun eisen **Aktivitéiten** vun 2020*
2. *Bilan vum **Caissier***
3. ***Décharge vum Tresorier** duerch d'Keessereviseuren (J.-M. Mangen & J. Salentiny)*
4. ***Démissioun / Neiwiel vum Comité***
5. **Assemblée générale extraordinaire**
6. ***Diskussioun an ofstëmmen iwwert d'Propositione vum Comité zu den Ännerungen vun de Statuten vun der ABIOL***
7. *Fräi Aussprooch*

Enn géint 20.00 Auer mat engem digitale Patt !

All wichteg Informatiounen an Aktualitéite fannt der op eisem Site www.abiol.lu.
Zousätzlech Virschléi fir den ‚*Ordre du jour*‘, Ureegungen an Iddien kennt Dir un secretariat@abiol.lu mailen. Mir wieren och ganz frou, fir nei an engagéiert Memberen an der Equipe vum Comité begréissen ze kënnen.

De Comité